

Majo dann!

Mir kënnen net dacks an déck genuch ënnersträichen, datt eis Sprooch an hirem schmuelen Eckelchen e klengt, apaart Liewe féiert... 'apaart' am wuertwärtleche Sënn vum Franséischen ,à part'...also ,fir sech'. Dat huet näischt mat ,Gréisst' ze dinn, mä mat engem eegene butzege Gesiicht. Just dat passt dann och bei déi Eegenart, déi mir wëllen no bannen a bausse weisen (*Branding*)...eng ,Apartheet' déi äis bei d'Méiglechkeet féiert, ganz rapid an zwou immens Kultursproochen eranzespadséieren: d'Däitscht an d'Franséisch...a mat deenen zesummen als beschte Fong fir an d'Englescht.

Ass d'Lëtzebuergeresch dann esou extra? Dir kritt an deer nächster Zäit maandevoll deer klenger ,Bewäiser', datt et wierklech esou ass! An am Fréijoer kommen der e ganze Koup mateneen als Buch eraus, dat de Carlo Schneider dann och nach plazeweis witzeg illustréiert.

Mir haten erëm Feierstengsalot.

Nous avions de nouveau de la salade de viande.

° Wir hatten wieder Fleischsalat.

Et gött Eiercher an der Moschterzos.

Il y aura des rognons à la sauce-moutarde.

° Es gibt Nierchen an Senfsauce.

Eng Keller- oder Daachlicht ass keng ,Luck'.

...lucarne /cave / toit

° Eine Keller- oder Dachlucke = lxb. Keller-/ Daach- ,Licht'.

Eng Händsch ass keng Moul.

Un gant n'est pas un moufle.

° Ein Handschuh ist kein Fausthandschuh.

Trëll net vum Juck.

Ne tombe pas du perchoir.

° Fall nicht von der Sitzstange.

O freck!

M... alors.

° Ach, du Sch...

Ech ernimmen deen emol net.

Je ne le cite même pas.

° Ich erwähne den nicht mal.

Huel dat an engems mat.

Emmène ça en même temps.

° Nimm das gleichzeitig mit.

De Will ass e ruckelzege Fatzert.

... salaud dégueulasse /... widerlicher Drecksack.

Déi dech aus/un.

(dés-)habille-toi / zieh dich aus/an.

Do deet een den Hutt of!

Alors là, chapeau! / Da zieht man den Hut.

Deen hippt do; hie geet schlamm.

Il boite/claudique / er humpelt

Déi zwéin hu sech ewell laang mateneen.

se chamaillent déjà depuis longtemps.

° hadern schon lange miteinander.

Géi mer ewech, ziel engem aneren déi.

Allez, va raconter celle-là à un autre.

° ach geh', erzähl die einem anderen.

De Mil huet mech gepuppt a lues gepëspert.

Emile m'a poussé et soufflé doucement.
°/ stupste mich und flüsterte leise.